

Connect





Öffnungszeiten der Gemeindeverwaltung
Heures d'ouverture de l'administration communale
Communal administration opening hours

Montag bis Freitag / Lundi à vendredi / Monday to Friday
08.15-11.30 & 13.30-16.30

Nach Termin / Sur rendez-vous / By appointment
07.00-08.15 & 16.30-18.30

Gemeindeverwaltung / Administration / Communal administration		info@contern.lu
Sekretariat / Secrétariat / Secretariat	35 02 61	secretariat@contern.lu
Personalbüro / Ressources humaines / Human resources		rh@contern.lu
Bürgeramt / Bureau de la population / Population Office		population@contern.lu
Kommunikation / Communication / Communication		communication@contern.lu
Einnehmeramt / Recette / Collector's Office		recette@contern.lu
Finanzabteilung / Service financier / Finance Department		facturation@contern.lu
Technischer Dienst / Service technique / Technical Service	35 85 06	technique@contern.lu
Technischer Notfalldienst / Permanence technique / Technical emergency service	661 123 779	info@contern.lu

Jugend / Jeunesse / Youth		
Schule / École / School	26 78 69 - 1	www.schoul-conter.lu
Hausmeister / Conciergerie / Conciergerie	26 78 69 - 569	
Maison Relais	35 02 61 - 560	www.rcon.elisabeth.lu
Spillkëscht Mutfert	35 84 02 - 400	
Jugendhaus Mutfert	35 85 02 - 420	

Soziale Dienste / Service sociaux / Social services		
Office social	27 69 291	
HELP Syrdall Heem	26 70 26	www.help.lu
Repas sur roues	26 55 00 54	www.servior.lu
Pro Actif	27 33 44 - 1	www.proactif.lu

Andere / Autres / Other		
Commissariat de Police Syrdall	244 78 - 1000	www.police.lu
Conti-Bus	8002 20 20	www.flexibus.lu
Centre de recyclage Munsbach	34 72 80	www.rc-munsbach.lu



Virwuert / Préface / Foreword	4
Neies aus der Gemeng / Nouveautés de la commune / News from the municipality	7
Reportagen / Reportages / Reports	15
Réckbléck / Rétrospective / Retrospect	20
Veräinsliewen / Vie associative / Club life	57
Jugendsäiten	70
Agenda	74

Virwuert

Préface

Foreword



Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

De Summer ass eng Zäit vu Freed, Aktivitéiten, vum Ofschalten a vum Zesummekommen. Och dëst Joer hu mir zesumme konnte weise wéi vill Liewen a Kreativitéit an eiser Gemeng stécht.

Mam Kultursommer, wou Musek a vill aner Forme vu Konscht fir vill Diversitéit gesuergt hunn, bis hin zum Festival International de la Bande Dessinée, deen all Joer méi grouss gëtt an eng grouss Unzuel u Visiteuren unzitt: Et goufe vill flott Momenter, déi eis a gudder Erënnerung bleiwen. Iwwerall huet een d'Freed gemierkt, sech ze begéinen an zesummen Zäit ze verbréngen. Dëst Mateneen-si mécht d'Stärkt vun eiser Gemeng aus, an ech si frou, datt et dëse Summer esou schéin zur Geltung komm ass.

E grouse Merci geet un all déi, déi mat vill Asaz a Léift zum Detail dozou bäigedroen hunn, dass dëse Summer esou Event-räich war: Veräiner, Fräiwëlleger a Gemengepersonal. Ouni iech wieren sou vill schéi Momenter net méiglech.

Elo, wou mir d'Rentrée virun eis hunn, wënschen ech jidderengem e gudden Ufank, vill Energie a Succès bei deene ville Projeten, déi nach kommen.

Marion Zovilé-Braquet
Buergermeeschtesch

Chères citoyennes et citoyens,

L'été est toujours un moment privilégié, fait de rencontres, de découvertes et de détente partagée. Cette année encore, notre commune a montré toute sa vitalité et sa créativité à travers de nombreux rendez-vous qui ont animé la saison.

Le Kultursommer, avec ses concerts et ses propositions artistiques variées, ou encore le Festival International de la Bande Dessinée, qui attire chaque année davantage de visiteurs et rayonne bien au-delà de nos frontières, ont marqué nos mémoires. Mais au-delà de ces grands événements, c'est surtout l'esprit de convivialité, le plaisir de se retrouver et de partager qui ont donné tout leur sens à cet été.

Je tiens à remercier très chaleureusement toutes celles et ceux qui, par leur engagement et leur dévouement, ont contribué à la réussite de ces moments : associations, bénévoles et personnel communal. C'est grâce à vous que notre commune a pu vivre une saison aussi riche et dynamique.

À l'heure où nous abordons la rentrée, je souhaite à chacune et chacun d'entre vous beaucoup d'énergie et de succès dans vos projets, et que l'élan positif de l'été continue de nous accompagner dans les mois à venir.

Marion Zovilé-Braquet
Bourgmestre

Nei Horairen

LU | Nei Horairen an de Servicer vun der Verwaltung

Heimat deelt d'Gemeng Conter mat, dass folgend Servicë vun der Gemeng ab dem **15. September 2025** nëmme nach **mat Rendez-vous** op sinn.

De Biergercenter ass vun dëser Ännerung net betraff a selbstverständlech wéi gewinnt fir Iech op.

FR | Nouveaux horaires des services de l'administration communale

La Commune de Contern informe qu'à partir du **15 septembre 2025**, les services communaux suivants ne seront accessibles **que sur rendez-vous**.

Le Biergercenter n'est pas concerné par ce changement et reste ouvert comme d'habitude.

EN | New Opening Hours of Municipal Services

The Municipality of Contern informs you that, starting from **September 15, 2025**, the following municipal services will be available **by appointment only**.

The Biergercenter is not affected by this change and will remain open as usual.

Rendez-Vous

Agent municipal	agent@contern.lu	+352 35 02 61 - 334
Secrétariat	secretariat@contern.lu	+352 35 02 61 - 313
Recette communale	recette@contern.lu	+352 35 02 61 - 314
Ressources humaines	rh@contern.lu	+352 35 02 61 - 324
Service communication	communication@contern.lu	+352 35 02 61 - 315
Service financier	facturation@contern.lu	+352 35 02 61 - 311
Service technique	technique@contern.lu	+352 35 85 06
Service urbanisme	urbanisme@contern.lu	+352 35 85 06
Service écologique	ecologique@contern.lu	+352 35 85 06



Place Luc Frieden



W Wuert vun der Buergermeeschtesch

D'Verännerung op der Place Luc Frieden ass e flotte Schratt an der Weiderentwécklung vun eiser Gemeng. Ufanks war net geplangt, dës Plaz als Gréngfläch ze gestalten – de Schäfferot wollt se fir Aktivitéiten am Kader vum Festival de la BD notzen an huet se bewosst fräi gelooss. Et huet sech awer erausgestallt, dass dës Plaz net onbedéngt fir de Festival gebraucht gëtt.

Dofir gouf zesumme mam Service écologique, dem Service jardinage aus dem Atelier an dem SIAS dës Plaz an e gréngt a liewegt Ëmfeld ëmgewandelt. Hei si ronn 600 lokal Stauden a Grieser souwéi een neie Bam geplanzt ginn.

Wéi een och gesäit, huet dës klengen Eck Gréngs am Häerz vu Conter elo scho Beien, Päiperleken an aner Insekten ugezunn – en noutwennege Beitrag fir d'Biodiversitéit an e Plus fir eis Liewensqualität. E gemeinsame Projet, op deem ech als Buergermeeschtesch houfreg sinn.





LU | D’Gemeng Conter setzt sech zënter ville Joren dofir an, d’Natur an eisem Ëmfeld ze erhalen an ze stäerken. Elo gouf dëst Engagement och offiziell unerkannt: D’Gemeng Conter huet am Kader vum Pacte Nature d’Basiscertificatioun (41,42 %) kritt.

De PacteNature ass en nationale Programm vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit deen d’Gemengen dobäi ënnerstëtzt, konkret Schrëtt fir méi Biodiversitéit an de Schutz vun de Liewensraim ëmzesetzen.

D’Moosname si ganz ënnerschiddlech – vun natierleche Grénganlagen iwwer den Erhalt vun Hecken a Bongerten, bis hin zu Sensibiliséierungsaktiounen fir d’Biergerinnen a Bierger.

Mat dëser Auszeechnung hu mir déi éischt wichteg Etapp gepackt. Si weist, datt an eiser Gemeng scho vill Efforte gemaach goufen a mir um richtege Wee sinn, nach méi fir eis Natur ze maachen. Déi nächst Etappen Bronze, Sëlwer a Gold, bleiwen eist Zil fir déi nächst Joren.

FR | La Commune de Contern s’est engagée depuis plusieurs années à préserver et à valoriser son environnement naturel. Cet engagement vient d’être reconnu officiellement : Contern a obtenu la certification de base (41,42 %) dans le cadre du Pacte Nature.

Le Pacte Nature est un programme national mis en place par le ministère de l’Environnement, du Climat et de la Biodiversité. Il aide les communes à mettre en œuvre des mesures concrètes en faveur de la biodiversité et de la protection des espaces naturels. Chaque commune peut progresser pas à pas, en réalisant des actions qui vont de l’aménagement d’espaces verts plus naturels à la protection des haies et vergers traditionnels, en passant par des projets de sensibilisation auprès des citoyennes et citoyens.

Avec l’obtention de cette certification de base, notre commune a franchi une première étape importante. Cela confirme que Contern a déjà mis en œuvre plusieurs actions significatives et que nous sommes sur la bonne voie pour aller plus loin. Les niveaux de certification suivants, bronze, argent et or, sont des objectifs que nous souhaitons atteindre dans les prochaines années, en poursuivant les efforts engagés.

EN | For many years, the Municipality of Contern has been committed to protecting and enhancing its natural environment. This dedication has now been officially recognized: Contern has received the basic certification (41,42%) within the framework of the Pacte Nature.

The Pacte Nature is a national program launched by the Ministry of the Environment, Climate and Biodiversity. It supports municipalities in taking concrete steps to safeguard biodiversity and preserve natural spaces. The measures range from creating greener, more natural public areas to protecting hedgerows and traditional orchards, as well as raising awareness among citizens.

By reaching this first level of certification, our municipality has taken an important step forward. It demonstrates that Contern has already implemented several meaningful actions and is well on its way to doing even more. The next levels of certification, bronze, silver and gold, are the goals we will be working towards in the coming years, as we continue to build on the progress already achieved.





**Vous avez trop de fruits
dans votre verger ?**



**Vous cherchez des fruits locaux mais
ne savez pas où en trouver ?**



KIERFCHEN.LU

LA PLATEFORME INTERACTIVE DES FANS DE VERGERS



kierfchen.lu met en relation les personnes qui proposent et celles qui cherchent – rapidement, facilement et gratuitement. Trouvez aussi des produits régionaux, des emplacements pour ruches, des terrains à louer ou du matériel de récolte.



kierfchen.lu

**Contribuez à préserver nos vergers riches
en biodiversité – en tant que cueilleur,
éleveur, consommateur ou producteur.**

Avec le soutien du Natur- & Geopark Mëllerdall et du Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité



Reportage
Reportage
Report

Formatioun fir de Service Jardinage: Weiderbildung am Uebstbeemschneiden no der Oeschberg-Kroun-Technik

LU | Am Kader vun der nohalteger Fleeg vun de Gemengen-Uebstbeem huet eise Service Jardinage un enger spezialisierter Formatioun deelgeholl, déi vum SIAS organiséiert gouf a sech der Schneid-a-Flegtechnik vun Uebstbeem no der Oeschberg-Kroun-Method gewidmet huet.

D'Formatioun war an zwee Deeler agedeelt: Moies gouf iwwert d'Theorie vum Modell vun der Oeschberg-Kroun gekuckt an d'Roll beim Wuesstem a Produktivitéit vun den Uebstbeem verdéift. Nomëttes hunn d'Participanten déi geléiert Technique bei prakteschen Übunge beim Beemschneide direkt um Terrain ëmgusat.

Dëse Formatiounsdag huet et eisem Service erméiglecht, seng Kompetenzen an der geziilter Fleeg vun Uebstbeem weider auszebauen. Eng besser Beherrschung vun der Oeschberg-Kroun garantéiert net nëmmen eng méi regelméisseg a qualitativ héichwärtig Produktioun, mee och eng méi grouss Liewensdauer vun de Beem an eng nohalteger Gestiou vun eisem Naturgut.

EN | As part of the sustainable management of the municipal orchards, our gardening service took part in a specialized training day organized by SIAS, dedicated to pruning and maintaining fruit trees according to the Oeschberg crown method.

The training was divided into two parts: in the morning, a theoretical session deepened the understanding of the ideal Oeschberg crown model, its architecture, and its role in the growth and productivity of fruit trees. In the afternoon, participants applied the techniques learned during hands-on pruning exercises directly in the field.

This day enabled our service to strengthen its expertise in the careful management of fruit trees. Mastering the Oeschberg crown not only ensures more regular and higher-quality production but also increases the longevity of the trees and contributes to the sustainable management of our tree heritage.

FR | Dans le cadre de l'entretien durable des vergers communaux, notre service jardinage a pris part à une journée de formation spécialisée organisée par le SIAS, consacrée à la taille et à l'entretien des arbres fruitiers selon la méthode de la couronne Oeschberg.

La formation s'est déroulée en deux volets : Le matin une session théorique a permis d'approfondir la compréhension du modèle idéal de la couronne Oeschberg, de son architecture et de son rôle dans la croissance et la productivité des arbres fruitiers. L'après-midi les participants ont mis en pratique les techniques apprises lors d'exercices de taille directement sur le terrain.

Cette journée a permis à notre service de renforcer ses compétences dans l'entretien raisonné des arbres fruitiers. Une meilleure maîtrise de la couronne Oeschberg garantit non seulement une production plus régulière et de qualité, mais aussi une longévité accrue des arbres et une gestion durable de notre patrimoine arboricole.



Zesumme fir méi aarteräich Wisen an de SIAS-Gemengen

LU | Bléiend Wise sinn Hotspots vun der Biodiversitéit – Si bidde Liewensraum, Narung an Réckzuchsplaze fir eng ganz Rei Insekte wéiänner ane-rem Wëllbeie, Päiperleken, Heesprénger a Käferen. Virun allem an de Wisen, wou vill Blumme stinn an déi just ee bis zweemol am Joer geméit ginn, fillen si sech wuel. Fir datt eis dës héich Biodiversitéit an enger Wiss erhale bleift, ass et wichteg, dass d'Wiss geméit gëtt, well se soss iwwert d'Joer mat Hecken zouwiisst a sech op laang Siicht zu engem Bësch entwéckelt.

Modern Méimaschine wéi zum Beispill e Mulcher oder eng héich Fuergeschwindigkeit zerstiieren allerdéngs d'Planzestruktur an de Groussdeel vun den Insekten. Zousätzlech zerklengeren si d'Planzen, sou datt sech eng Schicht aus Gras op der Wiss ofleet, déi d'Bléieplanzen erstéckt an éischer d'Gras fuerdert, sou datt et ëmmer mander Nektarquellen fir d'Wëllbeien an der Wiss gëtt.

Wat ass d'Léisung?

Eise Service Jardinage huet virun zwee Joer ugefaangen, d'Wise mat engem Balkenmäher ze

méien. Dëst sougenannte Doppelmessermäherwerk schafft mat engem Schéierschnëtt, bei deem d'Grieser a Kraider propper ofgeschnidde ginn, ouni datt se zerschreddert ginn. Dëst huet de Virdeel, datt d'Insekten net duerch rotéierend Elementer erfaasst ginn an sech besser virum Méiwierk a Sécherheet bréngen kënnen. D'Planzestängelen bleiwen intakt a kënnen sech besser vum Schnatt erhuelen. Säit dësem Joer gëtt d'Mahdgut mat engem Schwader gedréit a zesumme gekéiert, sou kënnen d'Grashällem optimal dréchnen an d'Mahdgut duerno méi einfach opgesammelt ginn.

Fir och aner Gemenge vun dëser méi naturfrëndlecher Méitechnik ze begeeshteren huet d'Gemeng Conter den 31. Juli zesumme mam SIAS eng Virfëierung fir d'Gemengen Schëtter a Weiler-la-Tour organiséiert. An dësem Kader goufe vill Froe beäntwert a konkret gekuckt, wou a wéi een dës Techniken am Beschte kann an deenen eenzelne Gemengen uwenden. Am Kannerbongert zu Éiter konnten sech dann och jiddereen dovunner iwwerzeegen, datt dës Technik gutt an eisen Dierfer ëmsetzbar ass.



De Réckbléck

Rétrospective

Retrospect



21.03.2025

Grouss Botz | Zone industrielle



LU | Eng 60 Leit déi an der Zone industrielle schaffe sinn um Freideg Moien duerch d'Stroossen vun der Zone getréppelt fir de Knascht deen sech do gesammelt huet anzesammelen. Duerno gouf et am Gemengenatelier eng kleng Verstärkung,

FR | Une soixantaine de personnes travaillant dans la zone industrielle ont parcouru les rues vendredi matin pour ramasser les déchets qui s'y étaient accumulés. Ensuite, une petite collation a été servie à l'atelier communal.

EN | Around sixty people working in the industrial zone walked through the streets on a Friday morning to collect the litter that had built up there. Afterwards, a small refreshment was offered at the municipal workshop.



**GREEN.
EVENTS**

22.03.2025

Grouss Botz: Mutfert, Éiter, Méideng

GREEN.
EVENTS



LU | Engagéiert Bierger a Veräinsvertrieder ware Samschdes den 22. Mäerz um Tour, fir d'Dierfer Mutfert, Éiter a Méideng propper ze hannerloossen. Hei ass eng Remorque gefëllt an et war wéi ëmmer rëm allerhand Knascht dobäi: dëst Joer hat souguer een eng Tëlee am Bësch vergiess. Ganz ënnert dem Label "Green Events" huet d'Gemeng de Benevolle Verstärkung offrëiert.

FR | Samedi, le 22 mars des habitants et des membres d'associations se sont mobilisés pour donner un coup de propre aux villages de Moutfort, Oetrange et Medingen. Une remorque entière a été remplie de déchets, et parmi les trouvailles insolites de cette année, on a même découvert une télévision abandonnée dans les bois. Dans le cadre du label Green Events, la commune a offert une collation aux bénévoles.

EN | On Saturday March 22, local residents and association members joined forces to tidy up the villages of Moutfort, Oetrange and Medingen. A whole trailer was loaded with rubbish, and among this year's unusual finds was even a television left behind in the forest. Under the Green Events label, the municipality provided refreshments for the volunteers.





28.03.2025

Accueil des nouveaux habitants



LU | Den 28. Mäerz huet d'Gemeng d'Bierger déi an deene leschte Joren an d'Gemeng geplënnert sinn op den "Accueil des nouveaux habitants" invitéiert. Hei hate si d'Geleeënheet iwwert engem Patt déi lokal Veräiner kennen ze léieren, sech aus ze tauschen an am Speed-Gaming iwwert Gesellschaftsspiller a Kontakt ze kommen. D'Gemengepersonal war och präsent fir Erklärungen ze ginn an den Awunner op hir Froen ze äntferen.

FR | Le 28 mars, la commune a convié les nouveaux habitants à une rencontre d'accueil. Autour d'un verre, ils ont pu découvrir les associations locales, échanger entre eux et participer à une animation ludique autour des jeux de société. Le personnel communal était également présent pour donner des explications et répondre aux questions des résidents.



EN | On March 28, the municipality welcomed its new residents to an introductory event, the "accueil des nouveaux habitants". Over a drink, they had the chance to get to know local associations, meet

one another, and join a fun activity based on board games. Municipal staff were also on hand to provide information and answer any questions from the newcomers.





24.04.2025

Biergerversammlung: Projet Nei Gemeng



LU | Zu Mutfert am Centre culturel goufe Schluss-Abrëll déi verschidde Projete vun insgesamt 4 Gruppementer vun Architekten mat hire jeeweiligen Ingenieurbüroe fir déi nei Gemeng virgestallt.

Dës Biergerversammlung huet de Schäfferot aberuff fir de Bierger ze weisen a wéi eng Richtungen dëse Projet ka goen an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn hir Froen, Iddien a Bedenken zum Thema ze äusseren.

FR | Fin avril, le Centre culturel de Moutfort a accueilli une réunion où quatre équipes d'architectes, accompagnées de leurs ingénieurs, ont dévoilé leurs visions pour la future maison communale.

Le collège des bourgmestre et échevins a souhaité, à travers cette soirée, présenter aux habitants les pistes envisagées et leur offrir un moment d'échange pour poser leurs questions, partager leurs idées ou exprimer leurs réserves.

EN | At the end of April, in the Cultural Centre in Moutfort a meeting was held where four teams of architects, together with their engineers, presented their concepts for the future town hall.

The College of Mayor and Aldermen organized the evening to give residents an insight into the possible directions of the project and to create a space where they could ask questions, contribute ideas, and share any concerns.



28.05.2025

Olympiad vun den Tuutebattien



LU | D'Olympiaden vun den Tutebattien huelen d'Kanner aus de Cyclen 1 a 2 mat an d'Welt vun der Musek. D'Kanner léieren op eng spilleresch an interaktiv Aart a Weis déi verschidden Instrumenter kennen.

9 Museksensegnanten trieden op der Bün a witzegen Disziplinen géinteneen un: Wien ass am séiersten oder am stäerksten? Wien kann am héchsten oder am déifsten Toun spillen?

FR | Les Olympiades des "Tutebattien" plongent les enfants des cycles 1 et 2 dans l'univers de la musique. Ils découvrent différents instruments de façon ludique et interactive.

Sur scène, 9 professeurs de musique s'affrontent dans des épreuves amusantes : Qui sera le plus rapide ou le plus fort ? Qui réussira à jouer la note la plus aiguë ou la plus grave ?



EN | The Tutebattien Olympiad invites children from cycles 1 and 2 to step into the world of music. In a playful and interactive way, they get to discover the different instruments.

On stage, 9 music teachers face each other in fun challenges: Who is the fastest or the strongest? Who can play the highest or the lowest note?



21 - 23.05.2025

Klasse C3.2: Unsere Klassenfahrt nach München

Klassen C3.2: Klasse Nadia Baumert/Maxence Krieger; Klasse Cindy Reding; Klasse Barbara De Toffol/Laurent Sty



Mittwoch, 21. Mai - Unser erster Reisetag

Schon um 6.00 Uhr morgens ging es mit dem Bus los. Die Fahrt war lang, aber wir hatten viel Spaß unterwegs. Am Nachmittag kamen wir beim Olympiastadion in München an. Dort teilten wir uns auf: Eine Gruppe besuchte das Olympiastadion, die andere ging ins Sea Life, wo wir viele bunte Fische und andere Meeresbewohner sehen konnten.

Am Abend fuhren wir zur Jugendherberge, wo wir zu Abend aßen und unsere Zimmer einrichteten. Danach konnten wir ein bisschen entspannen, der Tag war aufregend, aber auch anstrengend.



Donnerstag, 22. Mai - Ein Tag im Fernsehen

Der zweite Tag war für uns ganz besonders: Unsere Klassenkameraden Leonie, Charel und Julien durften bei der bekannten Sendung „1, 2 oder 3“ vom ZDF und KiKa mitmachen! Zusammen mit einem unserer Lehrer wurden sie vom Fernsehteam abgeholt und zu den Bavaria Filmstudios gebracht. Dort bekamen sie Infos, gingen in die Maske – und trafen sogar Elton, den Moderator der Sendung!

Währenddessen fuhren wir anderen mit der U-Bahn in die Innenstadt. Wir besuchten den Marienplatz und stiegen viele Stufen zum Alten Peter hoch. Von dort hatten wir eine tolle Aussicht über ganz München.

Nun fuhren wir mit der Straßenbahn zu den Bavaria Filmstadt Studios, wo wir gegen 11.30 Uhr Anweisungen bekamen, wie wir uns im Publikum verhalten sollten, und machten ein Warm-up. Um 12.30 Uhr begann die Aufzeichnung der Show. Wir feuerten unsere Kandidaten laut an – und nach 35 Minuten war alles schon wieder vorbei. Aber es war ein großartiges Erlebnis!



Danach aßen wir gemeinsam in der Filmstadt zu Mittag. Am Nachmittag besuchten wir das Deutsche Museum, wo wir viel Interessantes entdecken konnten. Danach gingen wir zu Fuß zum Marienplatz und fuhren mit der U-Bahn zurück zur Jugendherberge. Nach dem Abendessen waren wir alle ziemlich müde.

Freitag, 23. Mai - Unser Tag im Legoland

Am letzten Tag räumten wir unsere Zimmer und packten unsere Sachen. Dann fuhren wir mit dem Bus nach Günzburg ins Legoland. Dort verbrachten wir den Tag mit Achterbahnfahrten, tollen Lego-Welten und vielen Spielen. Wir hatten richtig viel Spaß!

Gegen 16.30

Uhr machten wir uns auf den Heimweg. Um 22.30 Uhr kamen wir alle wieder müde, aber glücklich und mit vielen schönen Erinnerungen zu Hause an.





22.05.2025

Coupe scolaire



LU | D'Coupe scolaire ass all Joer e wichtege Rendez-vous fir d'Kanner aus dem Cycle 4: Hei gëtt d'Theorie an d'Übungen déi si säit Méint mat hirer Joffer oder hirem Schoulmeeschter üben op d'Prouf gestallt. 50 Kanner hunn hei den Tour, dee vun der Schoul um Ewent lass geet a Richtung Duerfkär zu Conter a rëm zeréck mat Bravour gepackt.

Op dëser Plaz wëlle mir e grouse Merci ausschwätzen fir all déi Leit, déi fräiwëlleg op engem Streckeposten souzen a sinn der Police an de Pompjeeë fir hir wäertvoll Präsenz dankbar.

Kuerz no der Coupe scolaire selwer huet d'Buergermeeschtesch Marion Zovilé-Braquet de Kanner hire Führerschäin iwwerreicht.



FR | La Coupe scolaire est chaque année un rendez-vous incontournable pour les enfants du cycle 4. C'est l'occasion pour eux de mettre en pratique la théorie et les exercices travaillés depuis des mois avec leurs enseignants. Cette fois-ci, 50 élèves ont relevé le défi avec succès en parcourant le trajet depuis l'école um Ewent jusqu'au centre du village de Contern, avant de revenir à leur point de départ.

Nous adressons un grand merci à toutes les personnes bénévoles présentes aux postes de contrôle, ainsi qu'à la police et aux pompiers pour leur précieuse collaboration.

Peu après l'épreuve, la bourgmestre Marion Zovilé-Braquet a remis aux enfants leur « permis de conduire » symbolique.

EN | The "Coupe scolaire" School Cup is a highlight each year for the children of cycle 4. It's the moment where they put into practice all the theory and exercises they've been working on with their teachers for months. This year, 50 pupils successfully completed the route, which started at the school, led them to the village centre in Contern, and then back again.

A heartfelt thank you goes out to all the volunteers who took up posts along the course, as well as to the police and fire-fighters for their valuable support.

Shortly after the event, Mayor Marion Zovilé-Braquet presented the children with their symbolic "driving licence."





14.06.2025

Nuit du Sport

LU | Mir kucken zeréck op eng gelongen Editioun vun der Nuit du Sport 2025: Eng 300 Leit hunn hei aktiv un den Ateliers deelgeholl. Et war vill Verschiddenes mat dobäi: Lafen, sprangen, danzen, turnen, schéissen ... an an an. Mir soe jidderengem Merci, deen dozou bäigedroen huet dass dësen

Dag zu engem Succès gouf: De Benevollen, de Veräinsvertrieder, der Sportskommissioun, dem Animateur Mike Fandel deen d'Leit bei Loscht a Laun gehalen huet an dem Frank Schleck fir seng Präsenz an de sportlechen Asaz.




EN | Looking back at a great 2025 Nuit du Sport: around 300 people took part in the different workshops and activities. There was something for everyone – running, jumping, dancing, gymnastics, shooting, and much more!

A big thank you to everyone who helped make the event a success: the volunteers, club representatives, the sports commission, our host Mike Fandel who kept the energy high all day long, and Frank Schleck for his presence and active participation.



FR | Quelle belle édition de la Nuit du Sport 2025 : environ 300 personnes ont participé activement aux différents ateliers. Il y en avait pour tous les goûts: course, saut, danse, gymnastique, tir, et bien plus encore !

Un grand merci à toutes celles et ceux qui ont contribué à la réussite de cet événement : les bénévoles, les représentants des associations, la commission des sports, l'animateur Mike Fandel qui a su motiver le public tout au long de la journée, et Frank Schleck pour sa présence et son engagement sportif.





06.06.2025

D'Gemeng Conter um Klimapaktdag

LU | Sait Joren ass Klima- an Naturschutz e festen Deel vun eise Projeten. D'Gemeng ass houfreg, beim Klimapakt matzemaachen, a mir waren och dëst Joer rëm Deel vum jährléche "Klimapakt-Dag" deen zu Diddeleng am Centre Culturel opderschmelz organiséiert gouf.

Hei gouf sech mat anere Gemengen ausgetosch an och nei, innovativ Iddien entwéckelt, wéi de Klimaschutz nach besser op Gemengenniveau entwéckelt kéint ginn.

An deem Kader soe mir eiser Ekipp an der Verwaltung, de Veräiner, Entreprises, Matbierger*innen an aneren Acteuren e grouse Merci fir hiren Engagement an hir Aarbecht - dëst ass nämlech nëmmen zesumme méiglech, a mir plangen dëst Engagement och an Zukunft virunzedreiwen an eise Bäitrag zur nationaler Zäregasneutralitéit bäizedroen.



17.06.2025

Diplomiwwerreechung Lëtzebuergesch Coursen

LU | Am Juni sinn d'Lëtzebuergesch Coursen op en Ënn gaangen an d'Buergermeeschtesch huet de Leit déi d'Coursé gepackt hunn hier Diplomer iwwerreecht. Op dëser Plaz Merci un d'Ferry Rodesch, déi d'Coursen hält an e grouse Bravo un d'Leit fir hire Fläiss!

FR | En juin, les cours de luxembourgeois ont pris fin et la bourgmestre a remis les diplômes aux participants ayant réussi. Un grand merci à Ferry Rodesch, qui assure ces cours, et toutes nos félicitations aux apprenants pour leur assiduité et leur engagement !

EN | In June, the Luxembourgish classes came to a close, and the mayor handed out diplomas to the participants who successfully completed them. A warm thank you goes to Ferry Rodesch for leading the courses, and congratulations to all the learners for their dedication and hard work!





23.06.2025

Nationalfeierdag



LU | Réckbléck op de Nationalfeierdag 2025:

Ugefaangen huet den Dag mat den traditionellen offizielle Feierlechkeeten. De Cortège, deen aus den Offizielle vun der Police an dem CGDIS, der Harmonie Mutfert-Méideng, dem Schäffen- a Gemengerot, de Representantë vun de Kommissiounen, dem Gemengepersonal, Éierebuergermeeschter, Veräinsvertrieder an de Bierger bestan huet, huet bis bei d'Mutferter Kierch gefouert, wou beim Monument aux Morts eng Gerbe néiergeluecht gouf, fir un déi Gefalen am Krich ze gedenken. Nom Te Deum an der Kierch huet d'Buergermeeschtesch an der Präsenz vum Schäffen- a Gemengerot am Park hier Ried gehalen an op en Éierewäin invitéiert.

Während dem Éierewäin ass den Animatiounsprogramm och ugaangen: Ugefaange mat Saxitude déi fir Stëmmung gesuert hu bis d'Lisa Mariotto hiren Optrëtt op der grousser Bün hat. Duerno hunn déi lokal Veräiner aus der Gemeng Harmonie Mutfert-Méideng an den Aurore Oetränge sech och konnten op dëser Bün beweisen.


De ganze Mëtteg iwwer hunn eis Veräiner a Restaurateuren d'Visiteure bekacht an ze drénken zerwéiert. Fir d'Kanner ware Sprangschlässer, Facepainting an e Balloneur am Park fir si beim gudde Wieder ze beschäftegen. Géinter Owend war et dann un der Hunneg-Strépp de Park z'entertainen, an dat ass hinne mol richtig gelongen: D'Leit konnten net setze bleiwen an hunn zu de Melodie vun der jonker Brass Band gedantzt. Den Owend ofgeschloss hunn Ash Shawa an den DJ Flex Orlando mat enger Feier an LED-Show zu live Musik.

E grouse Merci geet u jiddereen, deen op dësem Dag do war!



Vive de Grand-Duc!
Vive eis groussherzoglech Famil!
Vive Lëtzebuerg!
A Vive d'Gemeng Conter!







28.06.2025

Kultursommer: Lata Gouveia & The Queen Tribute





04.07.2025

Kultursommer: Black Porta Project & Zero Point Five





05.07.2025

Kultursommer: Family Day



05.07.2025

Kultursommer: Adriano Selva (Ex CHAiLD)





06.07.2025

Kultursommer: Deep Dive Culture & Trei Sei





09.07.2025

Kultursommer: Musique Militaire Grand-ducale






10.07.2025

Kultursommer: Open Air Kino | Wonka



11.07.2025


Kultursommer: Burer Musek & Harmonie Mutfert-Méideng





19. + 20.07.2025

Festival International de la Bande Dessinée





Juste - Fox, 21. März 2025



De Cecco - Palmieri, 6. Mee 2025



Atticot - Ngwando, 28. Mee 2025



Niedner - Bergh, 30. Mee 2025




Kerschen - Bourg, 20. Juni 2025



Brighi - Chu Ka Yee, 1. August 2025

Fills de dech eleng oder traureg?

Hues de ze vill Stress?



Tu te sens triste ou stressé ?

Ruff eis un!
116 111

Appelle-nous!
116 111

KJT und seine Dienste

Kanner-Jugendtelefon

Anonyme Beratung und Informationen für Kinder, Jugendliche und junge Erwachsene

Gratisnummer: **1 1 6 1 1 1**



Online Help

Online Beratung für Kinder und Jugendliche über www.kjt.lu
Seit 2015 auch englischsprachig für Kinder, Jugendliche und Eltern



Elterentelefon

Beratung und Information für Eltern, Großeltern und Professionelle

Montags von 18 bis 20 Uhr auch auf Englisch

Gratisnummer: **8002 4444**



Chatberodung

Live-Chat für Jugendliche und junge Erwachsene von Jugendlichen über www.kjt.lu



BEE SECURE Helpline

Beratung und Dienstleistung zur sicheren Nutzung der digitalen Medien telefonisch unter der **8002 1234** oder online



Un service de Caritas Jeunes et Familles
en association avec Kannerschlass, Croix-Rouge et la Ligue Médico-Sociale sous la convention du ministère de l'éducation, de l'enfance et de la jeunesse.

Veräinsliewen Vie associative Club life



Amis de la Cervoise

Text + Foto: Amis de la Cervoise

Wat war lass am Juni a Juli?

De 14. Juni waren d'Amis de la Cervoise ob hiren Ausfluch, an d'Vulkaneifel.

Mat engem Luxusbus si mir moies um hallwer 9 zu Éiter gestart an Richtung Birgel, wou mir d'Erwins Mühlenbrauerei besicht hun. Fir d'éischt stong awer mol eng interessant Visite vun enger aaler Kaeremillen um Programm. Eise Guide huet eis d'Hirstellung vum Miel bis zum Brout erkläert.

Dono si mir an d'Produktioun vum hauseegene Moschter agewise ginn an kruten als Ofschloss selwer gemaachte Schnaps ze schmaachen. Den Héichpunkt war d'Visite vun der Erwins Hausbrauerei. Do get de Béier esou ähnlech gebraut, wéi mir et och maachen, allerdéngs an méi grouse Quantitéiten. Mir hun eng Dégustation vun den Hausbéieren gemaach, éier mir un de Mettesdësch gang sinn. Bei engem séffge Béier huet de Grillteller gudd geschmaacht.

Ob dem Heemwee hu mir nach ee kuerze Stopp zu Bitburg ageluegt an hun eis ob enger schéiner Terrasse eng Glace genehmegt.

Eise SUMMERTASTING hu mir de 4. Juli zu Méideng beim Centre Culturel ob der Place de la République organiséiert. Bei agreablem Summerwieder haate vill Leit de Wee ob Méideng fonnt a souzen bis Sonnenennergank an doriwer eraus ob der Terrasse, eise gudd Fréijoersbéier ze genéissen. De Club „Lanz Bulldog Frënn Déifferdeng“ haat sech uginn, fir an hirem Holzuewen Tartes flam-bées ze baken, waat den Owend kulinaresch flott gestallt huet. Géint Mëtternuecht si mer all zefridden heem gefuer.

Fir den 31. Festival de la Bande Dessinée zu Contern haate mir natierlech erëm eis Cuvée BD gebraut, déi säit Joeren ob der offizieller Rezeptioun vun den Auteurs zervéiert gët. Trotz dem staarke Reen hun déi auslännesch an déi lokal Zeechner an Éieregäschts eise Béier genoss a mir haate genuch ze dinn, fir jiddereen zefridden ze stellen. Ee grouse Merci geet un d'Julie M, waat dest Joer vum Comité BD eraus gesicht gi war, fir déi Sonder - Etikett fir de BD - Béier ze entwerfen. Mat engem klenge Kado hu mir der Këntschlerin Merci gesoot a kruten eng grouss Zeechnung, handsignéiert, vun der Etikett 2025 fir an eist Lokal. Des Zeechnung waert eng Éiereplaz kréien an eisem Sall.



PRÉVENTION CONTRE LE VOL DANS LES VÉHICULES

POLICE
LÉTZEBUERG

Depuis quelques mois, la Police constate une **augmentation du nombre de vols dans des véhicules** stationnés à des endroits isolés ou peu fréquentés.

PRENEZ VOS PRÉCAUTIONS :

- Ne laissez pas d'objets de valeur à l'intérieur du véhicule !
- Fermez toujours soigneusement les portières, les fenêtres et le toit ouvrant !
- Informez la Police de toute observation de personnages ou véhicules suspects !



Dessin réalisé par Magali Speicher, élève de la 2^e CE au Lycée de Garçons Esch



Elteren, Jonker, Enseignanten


Kannerrechter respektéieren, an der Schoul an am Alldag!

Hutt dir **Problemer bei der Kommunikatioun** mat der Schoul, dem Lycée oder engem Service vum Ministère fir Educatioun? Hutt dir d'Gefill, dass dir si **net selwer léise kënt?**

De **Service de médiation scolaire** ass do, fir iech ze hëllefen, besonnesch an 3 Fäll hëllefen, de **Schoul-Ofbroch, d'Inklusioun an d'Integratioun.**

Ee Service fir Iech

Service de médiation scolaire
Tél.: (+352) 247 – 65280
contact@mediationscolaire.lu
mediationscolaire.lu



Déi selwecht Rechter fir all Kand a Jugendlechen !

Den Ombudsman fir Kanner a Jugendlechen setzt sech fir d'Rechter vu Kanner a Jugendlechen an. Dës Rechter enthalen zum Beispill d'Recht drop, ugehéiert a bedelegt, respektéiert a geschützt ze ginn, souwéi an engem sécheren Ëmfeld opzewuessen.

Dir sidd Kand oder Teenager.in, Elterendeel, Enseignant.e oder Intervenant.e bei Kanner, Elterevertrieder.in an dir hutt d'Gefill, datt esou e Recht net respektéiert gëtt?



Mir si fir dech do!

Ombudsman fir Kanner a Jugendlechen
Défenseur des droits de l'enfant

65, route d'Arlon - L-1140 Luxembourg
contact@okaju.lu 28 37 36 35
www.okaju.lu - www.kannerrechter.lu

Gaart an Heem Mutfert-Méideng a.s.b.l.

Text + Foto: Gaart an Heem Mutfert-Méideng a.s.b.l.



Präsident Jean-Pierre Di Genova konnte 91 Personen begrüßen. Unter ihnen Frau Bürgermeisterin Marion Zovilé-Braquet, Genrealsekretär der Liga Charel Siweck, sowie die Gemeinderäte Marc Entringer und Yves Loose.

für alle Bürger der Gemeinde veranstaltet. Sie versprach auch in Zukunft den Verein zu unterstützen. Nach der Versammlung servierte der Verein einen Umtrunk, begleitet von Knabbersachen.

Der Präsident bedankte sich bei allen Leuten, die den Verein unterstützten, ob materiel oder finanziell. Nach einer Gedenkminute an die 13 verstorbenen Mitglieder, gab er das Wort an Sekretär Ferd Schleck weiter, der einen ausführlichen Bericht über das vergangene Jahr vortrug.

Frühjahrsblumenmarkt am 26. April in Oetringen beim Centre Culturel

Bei schönem Wetter konnten wir zahlreiche Personen begrüßen. Die Baumschule Becker aus Steinsel hatte robuste und schöne Pflanzen geliefert. Die Besucher wurden fachmännisch beraten. Sie, liebe Leser, sollten den Herbstmarkt nicht verpassen.

Vorgesehene Veranstaltungen 2025: Fñhrjahrs- und Herbstblumenmarkt, das ganze Jahr über den Wettbewerb „Village Fleuri“ für alle Einwohner der Gemeinde Certern. Desweiteren, auch für alle Einwohner, der Wettbewerb „wer hat den schwersten Kürbis“ Am 14. September findet im Park in Moutfort das traditionelle „Pétanqueturnier“ statt. Die Feier für Mütter und Väter ist am 19. Oktober.

Kassiererin Marie-France Back-Pelaié trug den Kassenbericht vor. Leider wurde ein Defizit gemacht. Die Kassenrevisoren hatten keine Beanstandungen zu machen, und baten die Versammlung um Entlastung. Auch der ganze Vorstand wurde entlastet. 8 neue Mitglieder wurden aufgenommen. Der Beitrag für 2026 ändert sich nicht. Zahlreiche Mitglieder wurden mit dem goldenen Abzeichen ausgezeichnet, sowie mit der goldenen Ehrenrose der Liga, die höchste Auszeichnung.

Generalsekretär der Liga, Charel Siweck, gab unter anderem, Erklärungen zur „LUGA“ und zur finanziellen Lage der Liga und schloß eine Erhöhung der Beiträge nicht aus.

Die Bürgermeisterin Marion Zovilé-Braquet lobte den Verein, vor allem, weil er viele Organisationen





Walburga Contern a.s.b.l.

Text + Foto: Walburga Contern a.s.b.l.

Bei Geleeënheet vun hirer Generalversammlung konnt d'Walburga Contern a.s.b.l. als Organisateur vum Adventsmaart zu Conter e Scheck vun 2.500 € un d'Sozialhëllef Iewescht Syr a.s.b.l. iwwerreechen. Et ass dëst en Deel vum Erléis vum Adventsmaart deen den 30.11. an 01.12.2024 ofgehale gouf.

De President Eugène Medinger huet alle Leit Merci gesot fir den Asaz déi zwéin Deeg. D'Sozialhëllef Iewescht Syr a.s.b.l. sammelt Kleeder, Schoulmaterial, Bettgezei, Kichegeschier, asw. fir Mënschen déi an Nout sinn ze hëllef. Mat enger klenger Agape an engem Patt ass den Owend gemittlech auskléngelooss ginn.



Floumaartequipe vun der Gemeng Contern

Text + Foto: Floumaartequipe vun der Gemeng Contern

D'Floumaartequipe vun der Gemeng Contern konnt och dest Joer de Moutferter Haff mat 2000€ ennersetzen.



PAS DE PRODUCTEURS... PAS DE CAFÉ !



**Avec le café Fairtrade,
vous contribuez à sécuriser l'avenir des
producteurs menacés par l'extrême
pauvreté et le changement climatique.**

**ENSEMBLE, CHANGEONS LE COMMERCE
POUR UN MONDE PLUS JUSTE !**



EN SAVOIR PLUS
fairtrade.lu



NaGIS (Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall)

Text + Fotoen: NaGIS

Generalversammlung bei de Natur- & Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall

Virun engem gutt gefüllte Sall zu Moutfort am Jugendhaus, hunn d'Natur- & Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall hier Generalversammlung iwwert d'Joer 2024 ofgehalen. Dobäi waren och Vertrieeder vun der Gemeng Conter präsent.

D'Präsidentin vun de NaGIS, d'Madamm Suzette Schmit-Lehnertz, huet d'Gäschte begréisst an alle Memberen a Sympathisante vun de Natur- a Geschichtsfrënn e grouse Merci fir hiert Engagement gesot. E Réckbléck op dat vergaangent Joer, Aktivitéiten a Finanzen stoungen am Virgrond vun der Versammlung. Op der Dagesuerdnung vun hirer Generalversammlung gouf awer och en Ausbléck op d'Joer 2025 gemaach. Hei hunn d'NaGIS sech virgeholl, am Summer en Ausflug an am Hierscht och eng weider Ausstellung ze organiséieren.

Den Här Yves Loose, Schäffen vun der Gemeng Conter, huet d'Wuert am Numm vun der Gemeng ergraff an de NaGIS Merci gesot fir hir Engagementer. Och weiderhi wëll d'Gemeng Conter hinne gären Ënnerstëtzung zou sécheren.

No dem offiziellen Deel vun der Generalversammlung hunn Natur- & Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall hire Memberen a Frënn en interessante Virtrag präsentéiert. Den Här Guy Rosseljong huet ë Réckbléck op d'Geschicht vum Lëtzebuerger Pabeiergeld virgedroen. Et war dëst eng Zäitrees duerch d'Joren vun 1856 bis 1996, iwwert d'Geld wat d'Lëtzebuerger Vollek an der Zäit an hirem Portmonni hat.

Als Ofschluss vun dësem Owend hunn d'NaGIS hire Gäschte e gudde Pättchen an ee kleng Maufel fir z'essen zum Beschte ginn.



D'NaGIS (Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall) asbl waren op den Ausflug

Am Kader vun den 80 Joer no Enn vum 2. Weltkrich, wëllen d'NaGIS och dëst Joer eng Ausstellung op d'Been setzen, mam Thema: „Den 2. Weltkrich wéi en am Syrdall erlieft gouf“. Du louch de Gedanke no, fir sech ze informéieren an inspiréieren ze loosse. Dofir goung den Ausflug op Dikrech an de Militärmusée. Mir sinn do 2 Stonne laang vun engem ganz engagéierte Guide duerch d'Ausstellung gefouert ginn. Et war héich interessant wéi déi hart a geféierlech Zäit eis nobruecht gouf.

D'Wieder huet zwar net ëmmer matgespillt an de Prabbeli war ubruecht. Beim Mëttegiessen, am Restaurant Faust zu Longsdref, si mir mat enger excellenter Kiche voll entschiedegt ginn. Et war e gemittlecht Zesummesinn, a bis mir nees op Dikrech zrëck gefuer sinn, hat de Reen sech geluecht.

Fir de Nomëtteg stoung den Automobiliemusée um Programm an déi privat Ausstellung iwwer den Dikrecher Béier a seng Brauerei. Fir déi verbliwven Zäit hu mir an Dikrech nach e gudde Patt zesumme gedronk, éier mir äis op den Heemwee gemaach hunn.



OPRUFF

Mir siche fir eis Ausstellung am Hierscht, Fotoen, Dokumenter, Anschauungsmaterial aus dem 2. Weltkrich mat Bezuch op den Ieweschte Syrdall.

Soll Dir sou gesichte Saachen hunn, wiere mir ganz frou wann Dir eis déi géngt zur Verfügung stelle fir an eiser Ausstellung ze weisen. Mir soen lech villmools merci.

De Comité vun de NaGIS

24. Mee 2025

Lëtzebuenger
Denkmalschutz
Federatioun **LDF**

1. STUDIEREES VUN DER LDF BEI DE NAGIS AM SYRDALL

Am Kader vun hirer éischter offizieller Studierees huet d'Lëtzebuenger Denkmalschutz Federatioun (LDF) zesumme mat de Natur- a Geschichtsfreënn vum leweschte Syrdall (NaGIS) eng interessant, léierräich a gutt besichtigten Exkursioun duerch d'Dierfer Conter, Mutfert an Éiter organiséiert. 17 Participanten, dorënner Vertrieeder vu 6 vun de 17 Memberassociatiounen vun der LDF, hunn deelgeholl - inklusiv dem passionéierte Chauffeur vum nostalgische Bus 232 vun de Frënn vum ale Stater Bus asbl.



ZIL A GEESCHT VUN DER REES

D'Studierees sollt net nëmme déi konkret Erhale-, Restauratiouns- a Nutzungsprojeten aus der Regioun weisen, mä och d'Verbindung tëscht lokaler Geschicht, engagéierten Acteuren an dem wuessenden Drock op eis gebauten Ierwen opweisen. Gläichzäitig war se eng flott Geleeënheet fir sech kennenzéieren, sech auszutauschen a fir d'Stärke vum Netzwierk tëscht eisen Associatiounen.

CONTER - VUM RÉIMERKELLER BIS BEI „A FRIDGES“

D'Rees huet um 9 Auer mam Depart um Parking Bouillon ugefaangen, wou mir eis ronderem de schéinen ale Bus 232 vun de Frënn vum ale Stater Bus asbl. getraff hunn. Dem Romain Rech, Präsident vun der Asbl an eise Chauffeur fir den Dag wëlle mir hei ausdrécklech villmools Merci soen fir déi léif a frëndlech Zesummenaarbecht bei eiser Studierees am Syrdall. Et war eis eng grouss Freed, dass hien eis esou unkomplizéiert a professionell mam Bus 232 begleet huet.

D'Rees war fir eis alleguer eng flott an sympathesch Erfahrung - fir déi eng mat engem Touch Nostalgie, fir déi aner mat vill Passioun fir eise Patrimoine, net nëmme baulich, mee och mobil, zu deem dese schéine Mercedes-Benz ouni Zweiweel gehéiert.

Momentanopnamen



17 Participanten, 6 Memberassociatiounen mam nostalgische Bus 232 vun de Frënn vum ale Stater Bus.



De Réimesche Keller, leider am ganz schlechte Zoustand.



„An Henkes“, beispillhaft restauréiert.



Liest hei de ganzen Artikel:
<http://bit.ly/45Nd1CH>

Kommissioun: 3. Alterkommissioun

Text + Fotoen: 3. Alterkommissioun



Konferenzen GoldenMe

3. Alterkommissioun hat an Zesummenaarbecht mat der Gemeng 2 Virträg iwwert online Sécherheet organiséiert.

D'Madamm Yolande Roller, Bénévole bei GoldenMe, huet eis an engem éischte Modul (9.04.2025) erkläert wat een énnert „Phishing“ versteet, wéi ee verdächtig E-mailen, Uriff oder Norichten erkennt a wéi een sech dogéint wierksam schützen kann.

An engem 2. Modul (22.04.2025) ass d' Thema „Passwieder“ behandelt gi mat Tipps wéi ee staark Passwieder erstellen kann déi souwuel sécher wéi och liicht ze verwalten sinn, a wéi een se späicheren a verwalten kann.

Mir krute wäertvoll Informatiounen an Tipps zu deenen 2 Moduler an et goufe vill zousätzlech Froen opgeworf déi och nach nom Virtrag an enger labberer Atmosphère bei Kaffi a Gebäck, offréiert vun der Gemeng, duerchdiskutéiert gi sinn.

Munch Froe sinn awer iwwert déi ugebueden Themen eraus gaang. Well den Interessi grouss war sollen nach weider Moduler ugebueden ginn. Déi betreffend Informatiounen krit dir am Hierscht an är Bréifkëscht.





Chorale les Villageois

Text: Tiffany Saska | Foto: Jeff Steinmetz / Artikel: INECC – My Wort - Veröffentlicht am Mittwoch, 7. Mai 2025



Filmmusik auf der großen Bühne der Philharmonie ist keine Seltenheit - 220 Sängerinnen und Sänger sowie Musikerinnen und Musiker hingegen schon. Gemeinsam mit lokalen Vereinen stellte die INECC sich dieser Herausforderung. In der ausverkauften Philharmonie erklangen ikonische Filmmelodien, die sicher noch lange nachhallen werden. Ein einmaliges Erlebnis nicht nur für das Publikum, sondern auch die zahlreichen Mitwirkenden.

Ein Projekt dieser Größenordnung entsteht nicht über Nacht. Bereits Ende 2023 begann diese musikalische Reise mit der Idee, mehrere Vereine zusammenzubringen, eine Einheit zu formen und gemeinsam einen beeindruckenden Filmmusikabend auf die Bühne zu bringen.

Für dieses eindrucksvolle Vorhaben vereinten die Greiweldenger Musek und die Lënster Musek ihre Kräfte und bildeten das Orchester. Die musikalische Leitung lag in den Händen ihrer Dirigenten Mil Müller und Chris Nothum. Der beeindruckende

Chor setzte sich aus mehreren lokalen Vereinen zusammen: der Chorale Les Villageois Contern, der Chorale Muselfénkelcher sowie den Chören der Käerjenger Museksschoul - Youth Choir und Singing Mommies & Daddies. Zusätzlich gründete die INECC eigens für dieses Projekt einen Chor, der ebenfalls auf der Bühne stand. Unter der Leitung von Nathalie Laurent, Suzy Thomé-Schneider und Jean Thill bereiteten auch sie sich monatelang intensiv auf diesen besonderen Abend vor.

Nach intensiver individueller Vorbereitung wurden die einzelnen Elemente in den letzten Wochen zusammengeführt. Mehrere gemeinsame Proben sorgten für den letzten Feinschliff des Programms. Auf dem Konzertprogramm standen einige der bekanntesten Melodien der Filmgeschichte, darunter Werke von Hans Zimmer wie At World's End aus Fluch der Karibik, The Lion King und Madagascar. Zudem begeisterten Interpretationen von Moments of Morricone von Ennio Morricone sowie Musik aus Tintin und Winnetou das Publikum.



Fairtrade Grupp Gemeng Center

Text + Fotoen: Fairtrade Grupp Gemeng Center

Superjhemph goes Fairtrade!

Eine Idee macht Ihren Weg.

Auf Initiative der lokalen Fair-Trade Arbeitsgruppe und mit tatkräftiger Unterstützung von "Fairtrade Letzebuerg" dem Conterner Schöffenrat sowie der BD-Kommission Contern wurde erstmals auf dem BD-Festival 25 Comic-Kunst mit kulinarischen Aspekten verbunden. Der "Superjhempkichelchen" war geboren.

Nachdem die Autorenrechte geklärt waren und eine Bäckerei (Jos a Jean-Marie) sich bereit erklärte unser Bäckermeister zu sein gingen die "Superjhempkichelcher" in die Produktion.

Ziel unserer Arbeitsgruppe war es die Besucher des Festivals auf den fairen Handel aufmerksam

zu machen und so manches Gespräch zum Thema konnte geführt werden.

Der Verkauf dieser leckeren Kekse mit Superjhempmotiven war ein voller Erfolg. Erfolg der sich auf der diesjährigen "Schueberfouer" im Restaurant "beim Schlawiner" fortsetzte.

Mit diesen und anderen Aktionen macht Fairtrade Luxembourg und seine lokalen Arbeitsgruppen immer wieder auf die wichtiger Rolle des fairen Handels aufmerksam.

Unsere Arbeitsgruppe wird sich weiterhin für faire Handelsbeziehungen mit biologischen Produkten einsetzen um die Welt ein kleines Stück gerechter zu gestalten.



Aktiviteiten a Méiglechkeeten am Jugendhaus Youth centre activities and opportunities

Am Projet Maison Relais meets Jugendhaus hu mir e besse Zalot, Paprika, a Réidercher geplantz. Dann ware mir ob Tréier an de "Katzentempel" a duerno zesummen eng gutt Glace iessen. Aner Jonker hu sech beim Outdoor Lasergame sou richtig ausgepowert.



D'Martha huet zesumme mat de Jugendlechen mam Laser-Cutter geschafft, an d'Stécker si dono nach faarweg gemolt ginn. Och beim Sneaker-Design konnte si hir Kreativitéit ausliewen. An wann et em den éischte Curriculum Vitae geet, hëllefe mir de Jonken weider.

D'Highlights vun de lëschte Méint Highlights of the last few months



"Kultursommer" an der Gemeng - Um Family Day zu Muffert am Park hu eis EJ-Animateure souwuel Buttons-Stand wéi och Zockerwatt uegebueden. Beim Kino-Owend gouf et net just Grill-Spezialitéiten, mee och Slushies a Popcorn. Merci de Jugendlechen, déi sech fräiwëlleg engagéiert hunn an domat d'Jugendhaus positiv no bause representéiert hu.

"Kultursommer" in the commune - At the Family Day in Muffert Park, our EJ animators ran a fun button stand and served cotton candy. During the movie night, we added a great vibe with tasty BBQ, slushies and popcorn. A big shout-out to the young people who volunteered and showed how great the youth centre can shine in our community.



D'Gamescom, déi gréisste Gaming-Messe op der Welt, bitt nieft de neiste Spiller a Konsolen och Gesellschaftsspiller, Cosplay an Indie-Projeten. Fir Jonker eng spannend Erfahrung. Mat der Chance, hir Youtuber, Streamer oder Influencer ze begéinen.

Gamescom, the world's largest gaming convention, features not only the latest games and consoles, but also board games, cosplay and indie projects. It's an exciting experience for young people. With a bit of luck, they might even bump into their favourite Youtuber, streamer or influencer.



jh.muffert



The Muffert youth centre is run by Elisabeth Jeunesse. It is a open facility which means that young people aged from 11 to 26, are free to come and go as they please. They can spend their free time there, meet friends, get to know other young people and, above all, take part in activities and projects.

You can regularly find out more on our Instagram by scanning the QR-Code.

An der Waassersport Kolonie zu 's-Gravenzande!
At the water sports colony in 's-Gravenzande!



Zu 's-Gravenzande (NL) konnte mir mat Jugendleche vill spannend Deeg verbréngen. Aktivitéite wéi Bodyboarding, Surfen, e Fotoshooting bei Sonnenënnergang, Sightseeing zu Den Haag, de Besuch vun enger Piscine mat iwert 1,5 Kilometer Rutschen, a villes méi, hunn dës Kolonie fir déi Jonk zu engem onvergiesslechen Ereliefnis gemaach. Merci un eis Animateuren, déi sech engagéiert hunn an esou zum Gelénge vun dëser Kolonie bäigedroen hunn.

We spent many exciting days with teenagers in 's-Gravenzande (NL). Activities such as bodyboarding, surfing, a photo shoot at sunset, sightseeing in The Hague and the visit to a water park with more than 1.5 kilometres of slides made this camp an unforgettable experience. A big thank you goes to our dedicated animators, who contributed significantly to the success of this camp.



Aktivitéiten / Activities

Donneschdes
Aktiv Dobaussen

Freides

Mir kachen zesummen an dir
entscheet wat !!!

- 06.09.2025 Cube Challenge (Köln)
- 11.09.2025 Europa Park (Rust)
- 13.09.2025 Street Leader Cup zu Bissen
- 20.09.2025 On Stéitch "Schluechthaus"
zu Hollerich.
- 21.09.2025 Stand ob der Semaine de la
mobilité um Ewent
- 04.10.2025 Calypso zu Saarbrécken
- 18.10.2025 24H Spa 2CV & C1 - Pitlane
Walk & Meet Drivers & Team
- Oktober &
November Bastelen a Bitzen fir de
Chrëschtmaart
- 06.12.2025 Chrëschtmaart zu Muffert
- 07.12.2025

An der Fuesvakanz

Schikolonie
fir Jonker

Umeldung fir d'Aktivitéiten,
Formatiounen a Kolonien
um Site vun
<https://elisabethjeunesse.lu/>

STAY
TUNED!



Agenda 2025 Calendar 2025

Formatiounen / Formations

11.10.2025

Babysitter Formatioun Niederanven
ob Engl.
<https://elisabethjeunesse.lu/formations/>

01.11 bis 08.11.2025

Animateur B zu Lëtz mat
Iwwernuechtung am Youth Hostel
Info: +352 621 505 081 oder um Site
<https://elisabethjeunesse.lu/formations/>

Kontakt

Contact

Poorters Claude, Chargé de direction
Siebenaler Michelle, Educatrice

1, rue de Medingen 5335 Moutfort

direction.jmut@elisabeth.lu

+352 621 13 69 49 - Claude
+352 621 83 91 96 - Michelle

jh.muffert

D'Jugendhaus ass ob
Dënschdes, Mëttwochs a Samschdes
vu 14:00 – 19:00
Donneschdes a Freides
vu 14:00 – 20:00
Moies ob Rendez-Vous
an Ofhängeg vun der Aktivitéit

Agenda

14.09.2025 | Pétanqueturnéier

📍 Mutfertter Park
👤 CTF Mutfert-Méideng
14:00 Auer



21.09.2025 | Grousse Mobilitéitsdag

📍 Fussballsterrain Mutfert
👤 Gemeng Conter, Hesper, Weiler zum Tuer
13:00 Auer

www.contern.lu



26.09.2025 | Tasting

📍 Centre Culturel, Éiter (Clubsall)
👤 Amis de la cervoise
20:00 Auer



27.09.2025 | Kürbis-Weien

📍 Centre Culturel, Mutfert
👤 CTF Mutfert-Méideng
14:00 Auer





04. +05.10.2025 | Äppelfest

📍 Al Sportshal, Contern
👤 CDJ Contern
10:00 Auer



18.10.2025 | Blummemaart

📍 Centre Culturel, Éiter
👤 CTF Mutfert-Méideng
09:00 Auer



19.10.2025 | Journée de commémoration nationale

📍 Kierfech, Mutfert
👤 Gemeng Conter
10:00 Auer

www.contern.lu



24.10.2025 | Raclettenowend

📍 Centre Culturel, Éiter
👤 Supporterclub AB Contern
18:00 Auer

www.abcontern.lu

31.10 - 16.11 | NaGIS Ausstellung

📍 Centre Culturel, Éiter
👤 NaGIS



14.11.2025 | Fest vum 3. Alter

📍 M.S. Princesse Marie-Astrid
👤 Gemeng Conter

sur invitation uniquement, invitations à suivre



15.11.2025 | Repair Café

📍 Centre Culturel, Mutfert
👤 Gemeng Conter
09:00 Auer



16.11.2025 | Dag vum Bam

👤 Gemeng Conter
09:00 Auer





Impressum

Gemeindeverwaltung Contern
Administration communale de Contern
Contern municipal administration

4, Place de la Mairie
L-5310 Contern
T (+352) 35 02 61
info@contern.lu
www.contern.lu

Redaktion, Layout, Übersetzung, Fotos /
Rédaction, Mise en page, Traduction, Photos /
Copywriting, Layout, Translation, Photos :
Administration communale de Contern

Druckerei / Imprimerie / Printing

PRINTING **ossa**  NIEDERANVEN

 PRINTED IN
LUXEMBOURG

 **myclimate**
Notre impact. Durable
Imprimerie
myclimate.org/01-24-328655





**Gemeng
Conter**

